

## Vu mir fir dech (All Dag eng Orchidee).



Méindes eng Orchidee, fir dir vill Courage, Gedold a Kraaft fir eng nei Schaffwoch ze wënschen.



Dënschdes eng Orchidee, fir dir ze soen, dass ech oft un dech denken an dass ech hoffen dass et dir gutt geet.



Mëttwochs eng Orchidee, déi's du op d'Säit solls setzen, fir dech un hirem Ubléck ze erfreen, wann 's du eemol traureg bass.



Donneschdes eng Orchidee, déi's du deem Mënsch, mat deem's du däi Liewen an déng Léift deels, weider schenke kanns.



Freides eng Orchidee, fir dir ze soen, dass du ëmmer a mengem Häerz bei mir bass an dass ech hoffen, dass och du mech net ganz vergëss.



Samschdes eng Orchidee, fir dir e schéine Weekend mat vill Erhuelung, Freed an onvergiessleche Momenter ze wënschen.



Sonndes eng Orchidee, fir dass du ni solls vergiessen, dass keng Orchidee op där ganzer Welt sou schéin a kostbar wéi's du selwer ass.